N°6522
Reçu le 21.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.07.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/07/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Energie weiderzeleeden.**

Den deemolegen an aktuelle Mobilitéitsminister hat an engem Interview vum 16te September 2017 am Tageblatt ugekënnegt, dass bis d'Joer 2020 insgesamt 40000 Elektroautoen op eise Stroosse rulle sollen. An der parlamentarescher Fro n°1248 huet den aktuelle Mobilitéitsminister awer erkläert, dass dat Zil vu 40000 Elektroautoen zu Lëtzebuerg bis Enn 2020 net erreecht géif ginn, woumadder e sollt Recht behalen. Stand haut si mer hei am Land bei ronn 13000 rengen Elektroautoe bei engem Gesamtfuerpark vu ronn 600000 Autoen *(data.public.lu)*. Dat sinn 2 Prozent.

Dat neit erkläerten Zil vum Minister soll et sinn, dass bis 2030 d'Hallschent (50%) vum nationale Fuerpark Elektroautoe sinn. Dat wieren, op d'Zuele vun haut gekuckt, ronn 300000 E-Autoen. Dat setzt viraus, dass mer hei am Land och genuch Kapazitéiten hunn, fir dës Autoen opzelueden - an dat doheem wéi och am ëffentleche Raum. De Minister sot an engem Interview mam Lëtzebuerg Land vum 21te Januar 2022: *"Die meisten Menschen werden ihr Auto aber eh zuhause aufladen."*

Verschidden Haushälter bekloen awer elo schonn, dass si nëmme beschränkt Luetstatioune bei sech doheem installéiere kënnen, well d'Leeschtung um Netz et net hiergëtt. Esou krute Persoune keng Luetstatioun bei sech doheem installéiert, well net genuch Kapazitéiten am Netz waren. D'Installatioun vun enger Luetstatioun géif mat sech bréngen, dass am Haus oder bei den Nopere kee Stroum do wier, dee Moment, wou den Auto géif un der Prise hänken.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Elektroautoe goufen zënter 2017, opgelëscht pro Joer, hei am Land immatrikuléiert?
   Wat ass de relativen Undeel par Rapport zur Gesamtzuel un Nei-Immatrikulatiounen?
2. Wéi vill ëffentlech Luetstatioune ginn et aktuell hei am Land?
   Wéi verdeelen sech dës Luetstatiounen op déi verschidde Kantonen?

Wéi verdeelen sech dës Luetstatiounen op déi verschidde Gemengen?

3. A wéi ville Fäll krut ee Proprietaire an deene leschten 3 Joer refuséiert, eng Luetstatioun (opgeschlësselt pro Joer no privat an ëfffentlech) z'installéieren a wat waren d'Grënn vum Refus?

4. Wéi gesäit de Plang vun der Regierung aus, fir dass bis 2030 déi 300000 Elektroautoen kënnen doheem opgeluede ginn, onofhängeg dovunner, wéi d'Netzleeschtung ausgesäit?

Mat déiwem Respekt,

| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc |
| --- | --- |
| Député | Député |

N° 6522
Entrée le 08.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an vum Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n° 6522 vum 21. Juli 2022 vum Här Deputéierten Sven Clement an vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Déi honorabel Deputéierte froe Prezisiounen iwwert d'Ziler vun der Regierung a punkto Elektroautoen a Luetpunkten.

Am integréierte Klima- an Energieplang (PNEC) huet d'Regierung 2020 d'Zil erausgi fir datt bis um Enn vum Joer 2030 49% vun den Autoen am Lëtzebuerger Fuerpark Elektroautoe sinn. Bei momentan ongeféier 448.000 ugemellten Autoen (Kategorie M1, source: data.public.lu) géifen dat ca. 220.000 Elektroautoe bedeiten. Wichteg ass heibäi ze präziséieren dat niewent de rengen 100% Elektroautoen och déi sougenannte Plug-In Hybride vun der Regierung an och der europäescher Kommissioun als Elektroauto ugesi ginn. Esou definéiert d'Direktiv 2014/94/UE vum europäesche Parlament a vum Conseil vum 22te Oktober 2014 iwwert den Ausbau vun enger Infrastruktur fir alternativ Kraaftstoffer een Elektroauto folgendermoossen:

> *«véhicule électrique», un véhicule à moteur équipé d'un système de propulsion comprenant au moins un convertisseur d'énergie sous la forme d'un moteur électrique non périphérique équipé d'un système de stockage de l'énergie électrique rechargeable à partir d'une source extérieure;*

Well doduerch och Plug-in Hybride ënnert dës Definitioun vun Elektroauto falen, ginn dës Gefierer vun der Regierung och ëmmer mat als Elektroauto gezielt a gi bei der Berechnung vum Flottenundeel vun Elektroautoen am nationale Fuerpark och mat consideréiert.

Enn Juli 2022 waren 22.521 Elektroautoen zu Lëtzebuerg ugemellt an dovunner ware 11.720 reng elektresch ugedriwwen an 10.801 ware Plug-In Hybride. Am Ganze mëscht dat liicht méi wéi 5% vun all den Autoen aus.

**1. Wéi vill Elektroautoe goufen zënter 2017, opgelëscht pro Joer, hei am Land immatrikuléiert? Wat ass de relativen Undeel par Rapport zur Gesamtunzuel un Nei-Immatrikulatiounen?**

Den Tableau hei drënner lescht pro Joer d'Unzuel vun Elektroautoen op, déi säit 2017 zu Lëtzebuerg neiimmatrikuléiert goufen, a wei vill Prozent dat vun all den Neiimmatrikulatioun ausgemaach huet.

| | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022* |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Neiumeldunge vun Elektroautoen | 1.073 | 1.143 | 1.899 | 5.158 | 9.092 | 5.987 |
| Undeel un de gesamte Neiumeldunge | 2,61% | 2,22% | 3,45% | 11,4% | 20,5% | 23,4% |

** Januar-Juli 2022*

**2. Wéi vill ëffentlech Luetstatiounen ginn et aktuell am Land? Wéi verdeelen sech dës Luetstatiounen op déi verschidde Kantonen? Wéi verdeelen sech dës Luetstatiounen op déi verschidde Gemengen?**

Aktuell ginn et am ganze Land 1.344 ëffentlech zougänglech Luetpunkten, ergo Parkplazen déi equipéiert si fir een Elektroauto ze lueden, am « Chargy » Reseau. Heibäi handelt et sech op där enger Säit ëm déi geplangte « Chargy » an « SuperChargy » Luetstatiounen, esou wéi et am règlement ministériel du 22 septembre 2020 fixant un plan d'implantation général pour l'infrastructure publique liée à la mobilité électrique festgehale gouf. Zousätzlech derzou kommen nach « ChargyOK » an « SuperChargyOK » Luetstatioune vun de Gemengen oder private Acteuren.

Den Tableau ënnendrënner lescht pro Kanton a Gemeng, déi aktuell Zuel an « Chargy » Luetpunkten op.

| Kanton, Gemeng | Luetpunkt |
|---|---|
| **Capellen** | **102** |
| Dippach | 10 |
| Garnich | 2 |
| Habscht | 6 |
| Käerjeng | 16 |
| Kehlen | 12 |
| Koerich | 8 |
| Kopstal | 4 |
| Mamer | 26 |
| Steinfort | 18 |
| **Clervaux** | **32** |
| Clervaux | 14 |
| Parc Hosingen | 4 |
| Troisvierges | 4 |
| Weiswampach | 2 |
| Wincrange | 8 |
| **Diekirch** | **90** |
| Bettendorf | 4 |
| Bourscheid | 4 |
| Diekirch | 22 |
| Erpeldange-sur-Sûre | 10 |
| Ettelbruck | 34 |
| Feulen | 2 |
| Mertzig | 2 |
| Reisdorf | 2 |
| Schieren | 10 |
| Vallée de l'Ernz | |
| **Echternach** | **56** |
| Beaufort | 4 |
| Bech | 2 |
| Berdorf | 4 |
| Consdorf | |
| Echternach | 22 |
| Rosport-Mompach | 22 |
| Waldbillig | 2 |
| **Esch-sur-Alzette** | **357** |
| Bettembourg | 48 |
| Differdange | 32 |
| Dudelange | 22 |
| Esch-sur-Alzette | 103 |
| Frisange | 6 |
| Kayl | 6 |
| Leudelange | 8 |
| Mondercange | 12 |
| Pétange | 28 |
| Reckange-sur-Mess | 4 |
| Roeser | 36 |
| Rumelange | 8 |
| Sanem | 20 |
| Schifflange | 24 |
| **Grevenmacher** | **69** |
| Betzdorf | 12 |
| Biwer | 10 |
| Flaxweiler | 2 |
| Grevenmacher | 8 |
| Junglinster | 20 |
| Manternach | 2 |
| Mertert | 8 |
| Wormeldange | 7 |
| **Luxembourg** | **468** |
| Bertrange | 32 |
| Contern | 10 |
| Hesperange | 76 |
| Luxembourg | 287 |
| Niederanven | 14 |
| Sandweiler | 6 |
| Schuttrange | 6 |
| Steinsel | 6 |
| Strassen | 14 |
| Walferdange | 15 |
| Weiler-la-Tour | 2 |
| **Mersch** | **68** |
| Bissen | 14 |
| Colmar-Berg | 8 |
| Fischbach | 2 |
| Heffingen | 4 |
| Helperknapp | 4 |
| Larochette | 4 |
| Lintgen | 6 |
| Lorentzweiler | 10 |
| Mersch | 14 |
| Nommern | 2 |
| **Redange** | **30** |
| Beckerich | 4 |
| Ell | 2 |
| Grosbous | 2 |
| Préizerdaul | 4 |
| Rambrouch | 6 |
| Redange/Attert | 4 |
| Saeul | 2 |
| Useldange | 2 |
| Vichten | 2 |
| Wahl | 2 |
| **Remich** | **54** |
| Bous | 2 |
| Dalheim | 6 |
| Lenningen | 2 |
| Mondorf-les-Bains | 12 |
| Remich | 12 |
| Schengen | 14 |
| Stadtbredimus | 4 |
| Waldbredimus | 2 |
| **Vianden** | **6** |
| Putscheid | 2 |
| Tandel | 2 |
| Vianden | 2 |
| **Wiltz** | **34** |
| Boulaide | 4 |
| Esch-sur-Sûre | 4 |
| Goesdorf | 2 |
| Kiischpelt | 6 |
| Lac de la Haute Sûre | 2 |
| Wiltz | 14 |
| Winseler | 2 |

Dës weidere ginn et och nach ëffentlech zougänglech Luetpunkte vun Acteuren déi net an den « Chargy » Reseau integréiert sinn.

**3. A wéi ville Fäll krut ee Proprietaire an deene leschten 3 Joer refuséiert, eng Luetstatioun (opgeschlësselt pro Joer no privat an ëfffentlech) z'installéieren a wat waren d'Grënn vum Refus?**

Op Nofro hunn d'Netzbedreiwer eis matgedeelt, dass Sie am Prinzip keng Demande mat engem Refus beäntweren. Dëst bedeit awer net, dass all Client di Leeschtung kréie kann, déi en ufreet. An deene Fäll, wou entweder déi ugefrote Leeschtung onverhältnesméisseg héich ass, oder se aktuell technesch net zur Verfügung gestallt ka ginn, kritt de Client en Accord fir eng reduzéiert Leeschtung. Dës reduzéiert Leeschtung erlaabt et awer an der Reegel mat engem intelligente Luetmanagement Bornen ze installéieren. De Netzbedreiwer initiéiert da wann néideg en Projet fir d'Netz respektiv den Uschloss ze verstäerken, fir dass an Zukunft awer déi adequat Gesamtleeschtung kann zur Verfügung gestallt ginn.

**4. Wéi gesäit de Plang vun der Regierung aus, fir dass bis 2030 déi 300000 Elektroautoen kënnen doheem opgeluede ginn, onofhängeg dovunner, wéi d'Netzleeschtung ausgesäit?**

D'Regierung férdert d'Installatioun vun Luetstatiounen aktiv an huet schonn 2020 en Aideregime fir d'Installatioun vun Bornen am private Beräich agefouert. Hei kënnen Privatleit eng Aide vun bis zu 50% vun den Käschten, di se mat der Installatioun vun enger Borne hunn, kréien, mat engem Maximum, dee jee no Intelligenz vun der Borne tëschent 750 an 1650 Euro läit.

Och wann dëse Regime gutt ugeholl gëtt, ass sech d'Regierung bewosst, dass ee beim Equipement vu Residence mat Bornen aktuell nach op verschidde Schwieregkeeten trëfft, souwuel wat d'Akzeptanz vun esou Projeten ënnert de Copropriétairen ugeet, wéi och wat hire Finanzement ugeet.

Fir Projete fir d'Bornen an Coproprietéiten de facilitéieren, ass d'Copropietéitegesetz rezent an dem Sënn ugepasst ginn, dass Infrastrukturaarbechten, déi d'Installatioun vun technesche Gainen, zum Beispill fir d'Installatioun vu Bornen, virbereeden, just nach eng einfach Majoritéit brauchen. Wat de finanzielle Volet ugeet, plangt d'Regierung den Aideregime am Hierscht ze iwwerschaffen, notamment fir den Equipement vun Residenzen nach méi interessant ze maachen.

Zousätzlech zu den Efforten fir Luetinfrastruktur am private Beräich ze ënnerstëtzen, ass am Juli och e Aideregime fir Entreprisen a Kraaft getruede fir Luetinfrastruktur ze installéieren. Hei gi souwuel ëffentlech accessibel wéi och privat Infrastrukture vun Entreprisen (z.B. fir dass d'Mataarbechter op der Aarbecht kënne lueden) gefërdert. Dës Infrastruktur wäert zum Deel komplementar zu der Infrastruktur doheem sinn.

Lëtzebuerg, den 8. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch